N°2460
Entrée le 16.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Konsummenteschutz weiderzeleeden.**

D'Verbrieche schléift ni a scho guer net an der digitaler Welt. All Joer gi Milliounen u Leit Affer vu Bedruchsversich. Eng bekannte Masch vu Cyberkriminellen ass de Phishing, fir un perséinlech Donnéeë vun de Leit ze kommen. Onbekannten Nummere ruffen engem op den Handy un a ginn sech als vertraulech Persounen oder Autoritéiten aus, fir esou un de Leit hir Bankdonnéeën ze kommen. All Joer entstinn domadder Milliounen u Schied fir d'Leit an d'Ekonomie.

An Däitschland huet Vodafone ee Schutzschëld géint Spam-Uriff opgestallt. Op der Website vu Vodafone kann een noliesen:

*"Mit dem 'Spam Warner' startet Vodafone heute einen neuen Sicherheitsdienst für das Mobilfunk-Netz. Auf dem Display jedes im Vodafone-Netz eingebuchten Handys erscheint eine Warnmeldung, die auf die Betrugsgefahr bei eingehenden Anrufen hinweist. Und zwar immer dann, wenn die Rufnummer von Sicherheitsexperten als Spam-Rufnummer eingestuft wurde. Das gilt sowohl für nationale als auch internationale Rufnummern."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wäert déi lëtzebuergesche Regierung sech dofir asetzen, dass esou ee Spam-Warner zu Lëtzebuerg obligatoresch gëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten